08. Januar 2022

# World Scout Jamboree 2023 KOREA - Luxembourg Contingent Newsletter 2

Léif Guiden a Scouten vu Lëtzebuerg,

Am August 2023 ass et nees esou wäit: De Weltverband vun de Scouten (WOSM) invitéiert op den 25. World Scout Jamboree, organiséiert vun der Korea Scout Association (KSA). An dëser Newsletter fannt dir all wichteg Informatiounen iwwert den Jamboree selwer a wéi dir iech umellen kënnt fir dësen eemolegen Camp zesumme mam Lëtzebuerger Contingent ze erliewen.

**Op ee Bléck:**

Wat? 25. World Scout Jamboree „Draw your Dreams"

Wou? SeaManGeum, Jeollabuk-do, Südkorea

Wéini? 1 – 12 August 2023 (ouni Norees an Transport)

All Informatiounen iwwert de Jamboree fannt dir um offizielle Site: www.2023wsjkorea.org/

Do fannt dir och schonn en éischten Iwwerbléck iwwert de Programm: https://www.2023wsjkorea.org/_html/2023wsj.html#sec=program

Nom offizielle Camp gëtt et d'Méiglechkeet zesumme mam Lëtzebuerger Contingent op eng Norees ze goen. Dës wäert direkt nom Jamboree sinn an dauert +/- 1 Woch.

**Opgepasst:** Haalt iech opmannst een Dag virun an nom Camp wéinst der Urees fräi. Fir d'IST: dir musst 2 Deeg éischter ureesen (29. Juli 2023), kommt awer zesummen mam Contingent zréck. Plangt dëst also och mat an.

**Präis**

Gutt Noriichten, säit der läschter Newsletter konnten mir 200€ am Präis eroof goen. Mir hunn elo folgend Optiounen :

- Optioun 1 – Jamboree: 2.550€ (900€ Camp + 1250€ Fluch an Transport + 400€ Preparatiouns-WE, Contingent Material & Administratioun)
- Optioun 2 – Jamboree mat Norees: 3800€ (1.250€ Norees)

**Opgepasst:** Dëse Präis ass just gülteg bei enger definitiver Umeldung bis spéitstens den 30. August 2022. Dono besteet nach d'Méiglechkeet sech unzemelle mee de Präis gëtt em 10% erhéicht.

| Wat | Wéini | Montant |
|---|---|---|
| 1. Acompte* | 01/04/2022 | 550€ |
| 2. Acompte | 01/09/2022 | 1000€ |
| Reschtbetrag | 01/02/2023 | 1000€ |
| Norees (optional) | 01/03/2023 | 1250€ |

* den 1. Acompte ass am Fall vun enger Ofmeldung leider net remboursabel. Dëse Montant deckt ons lafend Käschten (Umeldung, d'Réservatioun vum Transport, Administratioun, etc.).

Am Fall vun enger perseinlecher Ofmeldung fir de Camp, kritt dir, mat Ausnahm vum 1. Acompte, är iwwerwisen Suen zeréck. D'Remboursementer gin reicht nom Jamboree a je no finanzieller Lag erleedegt.

**Participatioun**

Fir d'Membere vun den LGS an der FNEL gëtt et 3 Méiglechkeeten de Jamboree ze erliewen:

**1. Participant**

Fir jidder aktiven Member gebuer tëscht dem 22. Juli 2005 an dem 31. Juli 2009.
Hei ginn keng Ausnahmen gemaach.

**2. Chef**

Als Chef kann ee sech umellen wann een um Ufank vum Camp mindestens 21 Joer huet. Stéchdatum : 21. Juli 2002

**3. IST - International Service Team**

Fir als IST matzegoen an um Camp an engem internationalen Team bei der Organisatioun vun dësem groussen Event ze hëllefen muss ee mindestens 18 Joer hunn. Stéchdatum : 21. Juli 2005

**Wéi mellen ech mech un?**

Jidderee soll eenzel ugemellt ginn bzw. sech selwer umellen och wann dir zu méi aus engem Grupp matgitt. IST melle sech och eenzel un.

Déi offiziell Umeldung geet den **15ten Januar 2022 um 18h00 Auer** op. D'Umeldung bléift bis den 15. März 2022 um Mëtternuecht op.

Umelle kann ee sech iwwert den offiziellen Site vum Lëtzebuerger Contingent: https://wsj2023.sil.lu/umeldung/

**Bezuelen**

Den **1. Abrëll 2022,** also nom Schluss vun der Umeldung, kritt dir oder äre Grupp vun eis eng Rechnung geschéckt déi dann muss bezuelt ginn. Dëst zielt dann och als définitiv Umeldung. Wann sech 3 oder méi Leit aus dem nämmlechte Grupp ugemellt hunn, kritt de Grupp d'Rechnung an eng Lëscht mat den ugemellte Léit geschéckt an d'Bezuelung soll dann iwwert de Grupp lafen. Wann just een oder zwee Léit aus dem nämmlechten Grupp ugemellt sinn, kritt dir d'Rechnung eenzel. Dëst erliichtert eis den Iwwerbléck ze halen. Wann dir nët secher sidd wéivill Leit vun ärem Grupp matginn, da froot bei ärem Gruppenchef oder är Kontaktpersoun fir de Jamboree no.

**Virbereedungsweekend**

All Participant, Chef an IST muss um Virbereedungsweekend deelhuelen. Op dësem Weekend léiert dir är Unitéit an déi aner Leit kennen an dir kritt Informatiounen iwwert den Oflaf vum Jamboree. Datum: **29.-30. Abrëll 2023.**

Weider Informatioune zum Virbereedungsweekend kritt dir an de nächsten Newsletteren.

**COVID-19**

Mir hoffen all dat bis 2023 sech d'Covid-19 Situatioun verbessert huet, mee trotzdeem hunn d'Organisateuren vum Jamboree ee sanitärt Konzept ausgeschafft. Ënner anerem wäert all Participant, Chef an IST säin eegent Zelt kréien. Duerfir seet d'Korea Scout Association selwer den Jamboree net of, et kann awer sinn dass déi südkoreanesch Regierung de Camp ofseet. An dem Fall ginn d'Käschten zum gréissten Deel rembourséiert (mat Ausnahm vum 1. Acompte). D'Remboursementer ginn och réicht getätegt wann mir d'Suen vum Organisateur zeréck hunn.

**Assurance**

De lëtzebuerger Contingent mécht eng Haftpflicht- an eng Onfallversecherung fir all Participant, Chef an IST. Mir mache keng Reesrecktrëttversecherung. Falls dir awer wëllt esou eng ofschléissen, geife mir iech bieden, mat ärer privater Assurance Kontakt opzehuelen an bei hier eng ofzeschléissen.

Méi Informatiounen iwwert de Lëtzebuerger Contingent (Team a Kontaktdaten) an den Jamboree 2023 fannt dir zënter dem 1. Januar 2022 ënnert : https://wsj2023.sil.lu

Bei weideren Froen, zéckt net eis ze kontaktéieren ënnert: info@wsj2023.sil.lu

Mat de beschten Guiden- a Scoutsgréiss,

Fir de Lëtzebuerger Contingent,

Pit & Tahr